



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro
n° 5965 vum 22. März 2022 vum honorabelen Députéierten Léon Gloden**

Ad 1)

De Phänomen vun de Bancomat-Sprengungen ass an de Nopesch-Länner scho méi laang bekannt. D'Police schafft ganz enk am Ermittlungsberäich esou wéi an der Präventioun mat hiren auslänneschen Homologen zesummen.

Ausserdeem steet d'Police säit Joren a permanentem Kontakt mat der Banken-Associatioun ABBL, de "Protocole d'Accord sur la sécurité dans les banques" gëtt reegelméisseg adaptéiert an d'Sécherheitsmoosname vun de Geld-Automaten sinn no den éischte Bancomat-Sprengungen erop gesat ginn. D'Patrouille vun der Police gi nuets iwwer esou agedeelt, dass Passage bei deene verschiddene méi exposéierte Geld-Automate gemaach ginn.

Ad 2)

D'Police wäert sech weiderhi mat de Nopeschlänner austausche fir ermëttelungstechnesch weider ze kommen an och weiderhin mat der ABBL a reegelméissegem Kontakt stoen.

Ad 3)

Den nationale Präventiouns-Service vun der Police mécht Recommandatiounen iwwert déi verschidde Méiglechkeete fir Geld-Automate besser sécheren ze kënnen a proposéiert Preventiounsmoosnamen déi am Kader vum uewe genannten Accord beschwat ginn. Verschidde Banken hu reagéiert, andeems vulnerabel Geld-Automaten zougemaach oder duerch verschidde mechanesch oder elektronesch Systemer besser gesécheret gi sinn. Et opläit der Responsabilitéit an dem Engagement vum Bedreier fir adaptéiert Mesuren ze huelen.

Lëtzebuerg, den 28. März 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX